# Kontakt zur Communautéit

Déi meescht vun eis schwätzen Lëtzebuergesch, Däitsch, Englesch an/oder Franséisch. Schreif eis an där Sprooch déi Iech am beschten läit! (Am meeschten Gléck hu der awer bei LB/EN)

## Twitter & Mastodon

Mir recommandéieren jidderengem deen up2date well bleiwen, eis op Twitter & Mastodon ze followen.

| Twitter | Mastodon |
|---|---|
| @c3l_ | @c3l |

## Mailingleschten

Eng Iwwersiicht iwwert eis Mailingleschten fënnt een ënnert lists.c3l.lu

### Announce

D'Announce Mailinglescht ass fir iwwert gréisser Events an aneren Publikatiounen vum Club ze informéieren.

### Chaosstuff

Eis Chaosstuff Mailinglëscht ass fir jiddereen op. Hei kann een iwwert alles schwätzen wat mat eisem Hackerspace ze dinn huet.

### Intern

D'Intern Mailinglëscht ass fir just fir déi sougenannten "Fullmember". Hei ginn Aktiounen koordinéiert, iwwert Projeten geschwat an alles wat de Club u sech betrefft. Dës Mailinglëscht ass net ëffentlech!

## XMPP

Eisen XMPP/Jabber Server ass fir all Member zougänglech fir mateneen ze chatten. Dernieft erméiglecht den offiziellen MUC vum C3L och fir digital un Chaos Meetings deelzehuelen.

```
xmpp://c3l@conference.c3l.lu
```

# IRC

Mir hunn och een IRC Channel um hackint Netzwierk mä dësen ass éischter pro-forma do, a net gutt besicht. Mir benotzen haaptsächlech XMPP zur Kommunikatioun an Echtzäit.

```
irc://irc.hackint.org/c3l
```

From:
https://wiki.c3l.lu/ - **Chaos Computer Club Lëtzebuerg**

Permanent link:
**https://wiki.c3l.lu/doku.php?id=lb:organization:community_contact&rev=1541609778**

Last update: **2018/11/07 17:56**